HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission de la circulation du 07.07.2022

Ufank 20h00

1. LISTE DE PRÉSENCE

8/13 membres présents : Marc BUCHLER, Rick EDERT, José FERNANDES, Gilles KLEIN, Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Patrick KRAEMER, Jean-Jacques BUTTEL,

5/13 membres excusés : Ben BAUS, Patrick EVERARD, Patrick CINCIS, Marc HOFFMANN, Jean-Claude BISENIUS

Président de la séance : José FERNANDES **Sekretär :** José FERNANDES

Invités de la séance : Corinne MULLER WALERS, Andreas SCHALLER, Fränk CONRAD, Joske VOSMAN

2. VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LÄSCHTER VERSAMMLUNG

Den Rapport vun der Versammlung vum 31.05.2022 gët eestëmmeg ugeholl

3. RÈGLEMENT DE CIRCULATION DE LA COMMUNE HELPERKNAPP

Den Här Schaller gët der Kommissioun Erklärungen zum définitiven „Règlement de circulation“ aus der Gemeng. D'Kommissioun hat zum Projet hieren Avis gin a puer Punkten mentionnéiert fir dobäi ze setzen oder ze änneren.

D'Punkten vun der Kommissioun sin zum Deel ganz oder ënnert enger aanerer Form zeréckebehalen gin. Froen oder Remarquen sin vum Här Schaller direkt beäntwert gin oder erklärt gin.

D'Kommissioun ass OK mam définitiven „règlement de circulation“.

Ët muss elo nach op ë puer Autorisatiounsprozéduren gewart gin, ier den „règlement de circulation“ am Ganzen am Gemengenrot zum Vote kënnt.

D'Kommissioun bedankt sech beim Här Schaller a beim Corinne fir déi gudd Présentatioun.

4. ETUDE „SËCHEREN SCHOULWEE“

Den Här Schaller huet am Viraus puer Erklärungen zum Konzept gin. Ët ass mol wichteg ze wëssen datt een muss ënnerscheeden tëscht Staats-stroossen a Gemengen-stroossen. D'Prozeduren an Autorisatiounen sin do ënnerschidlech a kënnen zäitlech och wäit auserneen leien. All Busarrêt gët un déi aktuel Konformitéiten ugepasst. Dat geschitt no a no an gët iwert e puer Budgetën verdeelt. Chantieren, wéi déi op der N8 zu Brouch sin schon am gangen.

All Duerf aus der Gemeng gouf duerchgeholl, mat Erklärungen zum Bustrajet an zu den Busarrêtën.

D'Kommissioun hat zu 2 Dierfer Remarquen:

Bëschdrëf: - ët misst eventuel nach 1 Busarrêt op der Säit „an Uerbech“ (directioun Useldeng) bäikommen

Brouch: - kucken op ët nët méiglech wier 1 Busarrêt op der N8 route d'Arlon tëschent der Kräizung mam CR112 an dem Ausgang vum Duerf richtung Sëll

- Busarrêt an der rue du Village bei Hausnummer 37. D'Kommissioun informéiert den Schäffenrot datt den Propriétaire vum haus Nummer 37 eventuel bereet ass säin Terrain zur Verfügung ze stellen fir een Bushäischen

D'Kommissioun ass mam Konzept „sëcheren Schoulwee" anverstaanen a gët een positiven Avis.

D'Kommissioun gët awer nach puer générell Remarque dozou:

Fir ze vermeiden datt vill Elteren hir Kanner mam Auto op den Campus brengen, mussen hinnen och Alternativen ugebueden gin, zum Beispill am Fall vun schlechtem Wieder. Bushaisercher mussen, do wou ët méiglech ass, grouss genuch sin, esou datt d'Kanner och kënnen drëchen stoen. Ët wier ubruecht d'Elteren ze informéieren datt si hir Kanner och op aaner Platzen kënnen féieren, wou Parkplatzen sin, d'Kanner ënnerdag kënnen stoen, a fir dann den Bus ze huelen.

D'Kommissioun bedankt sech beim Här Schaller fir déi gudd Présentatioun.

5. VERSCHIDDENES

- Den Fränk Conrad (Buergermeeschter) an Joske Vosman (Schäffen) gin der Kommissioun Äntwerten an Erklärungen zum Rapport vum 31/05/22.

1) De Schäffenrot seet merci zum Avis vun der Kommissioun betreffend d'Vëlospiste Useldéng – Keespelt. Den 14/07 ass eng Versammlung mat den Intervenanten vun der Mobilité Douce fir Informatiounen iwert d'Vëlospiste ze kréien.
2) Beliichtung vun öffentlechen Plaatzen (zum Beispill Spillplatzen). D'Liichtverschmotzung muss och an Betruecht gezun gin an d'Gemeng kuckt do fir Léisungen ze fannen.
3) Trottoir rue du Moulin zu Brouch: ass zone verte, dann kritt een keng Autorisatioun (Photo 1)
4) Stroos Grewenknapp – Bill: den Environnement huet schons een Projet refuséiert gehat. D'Gemeng wëll do awer een neien Projet présentéiert zu engem spéideren Zäitpunkt. Ass am moment nët prioritaire.
5) Statistiquen vun den Vitessemiessungen: D'Gemeng huet eng Demande gemeet fir d'Infoen vun den Miessungen ze kréien an der Kommissioun déi weider ze gin

D'Kommissioun seet dem Fränk a Joske villmols Merci fir hir Präsenz, Äntwerten an Opklärungen.

- Vitessemiessung zu Huelmes um CR113 (vun Miersch kommend): d'Hecken verstoppen den Panneau (Photo 2)

- Parkverbuetschëld zu Tënten rue de Luxembourg: sin déi Schëlter conform op där Platz wou se stinn oder missten së nët virun der Wendeplatz stoen? Ët besteet och d'méiglegkeet se einfach ewechzehuelen. (Photo 3)

Photo 1

Photo 2

Photo 3

Déi nächst Versammlung ass den 5 Oktober 2022 um 20h00

FIN 22h30